Wärend mir zu Fouss duerch d'Land trëppelen, fält eis vill op, mir si lues ënnerwee, hunn eng aner Perspektive wéi déi di mir am Alldag hunn, wa mir just virun d'Dier ginn fir vun A op B ze kommen, oft esou schnell wéi méiglech.

"Many people nowadays live in a series of interiors - home, gym, car, officie, shops - disconnected from each other. On foot everything stays connected, for while walking, one occupies the spaces between those interiors in the same way one occupies those interiors. One lives in the whole world rather than in interiors build up against it." Rebecca Solnit - Wanderlust, a history of walking

D'Dierfer sinn all wéi ausgestuerwen. Dobäi ass Summer, grouss Vakanz. Wou sinn d'Kanner déi op der Strooss spillen, de Bëton mat Kräid dekoréieren, wou sinn d'Jugendlecher déi sech zecken, sech anenee verléiwen, Dommheeten maachen? Wou sinn d'Instrumenter, d'Lagerfeieren, d'Kaartespiller, d'Bäll déi dem Noper an d'Mëttegiesse fléien? Wou sinn d'Gespréicher um Trottoire, d'Noperschaftsfester an déi improviséiert Theaterstécker déi di Jonk sech aus Langweil ausgeduecht hunn? Wou sinn déi kleng Stänn um Stroosserand wou d'Kanner hier Spillsaache verkafen fir déi se ze al gi sinn? Wou spillt sech hei am Summer d'Liewen of?

"Speeding traffic kills communities as well as people. Research has shown that the higher the traffic volume, the less time people spend outside - and the less likely they are to know their neighbours. Parents' fear of accidents has made streets no-go areas for their children, and this has had a serious impact on childern's play, denying them many of its pleasures. (...) As Mayer Hillman has pointed out, we've removed children from danger rather than removing danger from children - and filled roads with polluting cars on school runs. (...) (The children) are left with little choice: they are vulnerably exposed to traffic, confined indoors or stuck in a car themselves." Kate Soper - Post-Growth Living, for an alternative hedonism)

Wéi mir duerch dat Xtent eidelt Duerf trëppelen, bemierkt ee vun eise Participant'en: "Iergendwéi gesinn d'Leit esou kleng an hiren Auto'en aus". An effektiv, par Rapport zu der Plaz déi si mat hirem Gefier anhuelen, sinn si butzeg kleng. D'Selbstverständlechkeet mat där déi meescht Automobilisten hier Plaz revendiquéieren, mëscht mech ëmmer méi rosen. Oft fueren se esou no, an esou schnell laanscht eis, dat et sech ufillt wéi wann se eis ze spiere wéilte ginn dat mir am Wee sinn. Fir si ass kloer: d'Strooss gehéiert mir. Dat et sech zu Fouss all Kéiers esou ufillt wéi wann ee knapps dem Dout entgaangen wier, schéngt kengem bewosst ze sinn. Oder et ass hinnen einfach egal. Et krit ee vermëttelt: du an däi wertlost Liewen, hudd hei naischt verluer. Déi vill ze grouss, eise Rüstunge schéngen souwuel de Virwëtz wéi och och d'Matgefill auszelöschen.

"Les bateaux de Luxe, les villas trop grandes, tout s'accroît, la richesse augmente, mais au milieu de cette opulence les hommes diminuent, on ne les distingue presque plus, ils se noient dans leurs possessions. On a l'impression que toute cette nouvelle richesse est investie dans une tentative de nous éloigner de ce qui nous entoure. On s'élève au-dessus des autres, on s'isole de la nature, on se barricade contre l'inconnu et le dissemblable, on triomphe du voyage, on s'achète une absence de désagréments et de problèmes ; tout ce qui pourrait nous faire vivre quelque chose d'imprévu." Tomas Espedal - Marcher (ou l'art de mener une vie déréglée et poétique)



Nora Wagner